Stellungnam vun déi gréng zur neier Verkéiersregelung ronderëm de Schoulsite op Acker

Am Sënn vun der Sécherheet vun de Kanner ass et gutt, **d'Zirkulatioun vun Autoen um Parking just virun an no der Schoulzäit anzeschränken, dat stellen déi gréng net a Fro.**

De Bustransport gëtt et schonns laang hei zu Käerjeng an ech selwer hu matgehollef de Pedibus op d'Been ze stellen, esou dass et fir d'Kanner effektiv Léisunge gi fir vun iwwerall hier ouni Auto an d'Schoul ze kommen.

**Wat déi gréng awer hei reprochéieren  ass d'Manéier wéi dat Ganzt elo ëmgesat gouf**.

- Et ass schonns laang gewosst, dass d'Spillschoul an der Ouschtervakanz géif op de Site op Acker plënneren, firwat gouf elo op de leschte Stëppel alles iwwert de Knéi gebrach?

- **De Moie waren d'Barrièren** um Parking op Acker **zou an de Gemengerot ass elo eréischt eng Stonn méi spéit an der Gemengerotssëtzung vum Schäfferot forméiert ginn.**
  Ech, an ech huelen un, nach aner Member vum Gemengerot stoungen zimmlech domm do, wou si virun engem Mount schonns vun Elteren dorop ugeschwat goufen, a vun Näischt eng Anung haten. Firwat huet de Gemengerot net op d'mannst nach zesumme mat den Elteren de Bréif als Info krut?

- **D'Verkéierskommissioun** ass zwar éischter ewéi de Gemengerot, mä awer **eréischt 14 Deeg no den Elteren informéiert** ginn. Mä dat war moutarde après dîner: En Avis konnten si net méi ofginn.

- **D'Elterevertrieder woussten och vun Näischt am viraus** a sinn och net frou, dass net mat hinne geschwat gouf, an dass si de villen Elteren, déi hinnen ugeruff hunn Näischt erkläre konnten.

- De 7.Februar an der **Informatiounsreunioun iwwert Verkéiersberouegung** hat de Buergermeeschter op eng Fro hin iwwert de P op Acker, ugedeit dass dee géif méi sécher gemaach ginn, mä hien hat bäigefüügt, dass dat haut net den Thema wier. Leider ass awer keng Reunioun zu deem Thema méi nokomm. Firwat ass hei net dee selwechten Exercice gemaach ginn?

  **Verbueter, déi de Leit net aliichten, si keng Léisung!**

- Jidderee versteet, dass de Site muss méiglechst sécher fir d'Kanner sinn. An där Optik war jo an der Vergaangenheet schonns eng besser Verkéiersféierung an och e Kiss&go agefouert ginn, deen och ganz gutt funktionéiert. Mä **firwat de Parking elo schonns eng hallef Stonn virum Schoulufank zoumaachen, wou verschidden Elteren um Wee fir op d'Aarbecht hir Kanner an den Accueil du matin vun der maison relais bréngen?** Net jiddereen huet doheem Zäit ze waarde bis de Bus kënnt. Wéinst der Sécherheet vun de Kanner wier et do net duergaang de Parking op Acker 10-15 Minutten viru Schoulufank zouzemaachen?
  Mat Satisfaktioun hunn ech de Moie fréi op der Plaz festgestallt, dass **aus technesche Grënn d'Barrière just 20 Minutten** viru Schoulufank zougeet, wat an eisen Ae vëllegen duergeet.

- Mir froen eis och, wéi sécher et fir d'Kanner ass beim Treff erausgelooss ze ginn an iwwert d'Haaptstrooss mussen ze goen, mat oder ouni Elteren? As do virgesinn, dass z.B eis

Pecherten do Schülerlotse spillen? Oder ass d'Gemeng op der Haaptstrooss net méi responsabel wann do eppes geschitt?

- Eis gouf och zougedroen, dass et och op **munche Busarrête ganz geféierlech** zougeet. Do sinn d'Autoe ronderëm geparkt an d'Kanner gi mateneen erausgelooss esoubal de Bus do ass.

- Ech war mir selwer an der Woch virun der Vakanz zu allméiglechen Zäiten d'Situatioun ukucken, an ech muss soen, dass ech impressionéiert war, wéi disziplinéiert alles ofgelaf ass, woubäi ech net a Fro stellen, dass et munchmol zu geféierleche Situatioune kënnt. Ab haut komme méi Kanner op de Site, mä bis den Hierscht fänkt d'Spillschoul awer eréischt 25 Minutte méi spéit un ewéi de Fondamental.

- **Ech hat** den Yves **den 22.Mäerz drop opmierksam gemaach**, dass ausser den Elteren och nach aner Leit dee P notzen, an dass et wichteg wier **Schëlder opzestellen,** déi d'Notzer vum P schonns am viraus op dës Ännerungen hiweisen an op d'manst dee Chaos ze vermeiden. Hien hat mir versprach dat weiderzeginn. Säit 2 Woche stinn dës Schëlder, esou dass dat mol geklappt huet.

- Ech hunn elo just vum P op Acker geschwat, well dass **d'rue du ruisseau, wou all moie Chaos herrscht, virun a no der Schoul zougemaach gëtt, dat stelle mir net a Fro.** Mä och do wier et gutt gewiecht am viraus doriwwer forméiert ze ginn.

Wéi gesot, **déi gréng sinn och dofir, dass d'Kanner d'Bussen an de Pedibus notze sollen; mir kritiséiere virun allem d'Manéier wéi dat Ganzt ëmgesat ginn ass.**